**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun a vun der Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n° 3992 vun den Deputéierte Fred Keup a Roy Reding iwwert d'Impfung vun eelere Leit déi ennert Tutelle stinn**

**1)**

Op den Datum vum 31. Dezember 2020 waren insgesamt 4453 Leit ënner Tutelle (dovunner 3618 am Arrondissement judiciaire vu Lëtzebuerg an 835 am Arrondissement judiciaire vun Diekirch). Mir hunn awer keng Informatiounen iwwert Unzuel vun Persounen ënner Tutelle déi an Alters-oder Fleegeheemer liewen.

Et ass ze preziséieren, datt et d'staatlech Tutelle nëmme fir Mineure gëtt, mee net fir Erwuessener.

**2) 3) 4)**

All Bewunner aus den Alters- a Fleegeheemer sinn iwwert d'Fraiwellegkeet vun der Impfung, den Oflaf an hier eventuell Niewewierkungen informéiert ginn. D'Informatioun ass vum Dokter a vum Fleegepersonal déi d'Leit kennen, gemaach ginn. Generell sinn d'Famillje vun de Bewunner aus den Alters- a Fleegeheemer och iwwert d'Impfcampagne an den Haiser informéiert ginn.

Mir erlaben eis och op d'Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n° 3359 vun de Deputéierte Gilles Roth a Claude Wiseler ze verweisen.

**5) 6)**

Et ass kee Fall bekannt wou eng eeler Persoun, déi ënner Tutelle steet, ouni hiren Accord oder den Accord vum Tuteur geimpft ginn ass.

D'Handlungsméiglechkeete vum Tuteur hänke vun der Tutellesform of. Et gëtt zwou Tutellesformen : « *tutelle sous forme d'administration légale* „ an „ *tutelle en gérance*" (article 500 Code Civil).

Wat déi éischt Kategorie betrëfft, ginn d' Pouvoire vum Tuteur méi wéit : den « administrateur légal » kann net nëmme finanziell Entscheedungen awer och Entscheedunge vu perséinlecher Natur fir d' Persoun déi ënner Tutelle ass, huelen, an dat ouni den Accord vum Tutellesriichter.

An der zweeter Kategorie,sinn d'Pouvoire vum Tuteur op Representatioun an den Handlungen am Biergerliewen an d'finanziel „gestion vum patrimoine" limitéiert. Fir d'Handlungen déi iwwert de pouvoir eraus gi brauch de *„gérant de tutelle"* eng Autorisatioun vum Tutellesriichter

An enger Relatioun Dokter / Patient vertrëtt den Tuteur d'Interesse vum Patient ënner Tutelle. D'Ausféierung vu Rechter betreffend d'Gesondheet vun der Persoun ënner Tutelle, gëtt vun engem spezifesche Vertrieder ausgeüübt, dee vum Tutelle's Riichter ernannt gëtt (article 14 (1) de la loi de 24 juillet 2014 relative aux droits et obligation du patient).